N°974
Entrée le 08.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.07.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.**

Un eis si Fäll erugedroe gi vu Leit mat engem Bachelorofschloss an der Educatioun, déi gären op der Uni.lu hir Studie weidergefouert hätten. Dës Leit kruten awer vun der Uni.lu ee Refus wann hire Bachelorofschloss 180 ECTS amplaz 240 ECTS konnt virweisen. Dobäi erkennt de Lëtzebuerger Staat dësen Diplom awer als Bachelordiplom un. D'Uni.lu erkläert d'Ufuerderung vun den 240 ECTS am Bachelor, fir Accès zum Master vu 60 ECTS ze kréie, wier vun de Ministèrë komm.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch dës Faiten esou bestätegen? Gouf et déi Ufuerderung vun den 240 ECTS säitdeem d'Uni.lu de Masterstudiegang mat 60 ECTS proposéiert oder gouf dës Reegelung eréischt méi spéit agefouert? Falls jo, firwat?

2. Ass d'Regierung net der Meenung, datt een de Masterstudiegang sollt fir jiddereen zougänglech maachen, deen ee Bachelordiplom huet, deen zu Lëtzebuerg unerkannt ass?

3. Laut eisen Informatiounen si Gespréicher amgaange fir eng Validation des acquis de l'expérience hei mat an de Calcul opzehuelen, fir hei deene Leit awer Accès ze ginn, déi schonn am Beruffsliewe sinn. Wou sinn dës Gespréicher drun? Wat ass hei déi genau Deadline, déi een sech gëtt fir eng Decisioun ze treffen?

4. Wäert d'Ministesch dofir suergen datt ab der Rentrée 2024/25 all Interesséierte ka mat engem Bachelordiplom an der Educatioun de Master an der Educatioun op der Uni.lu maachen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten